PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Den Thierry Breton, fréiere franséische Kommissär, schreift a sengem Récktrëttsbréif, deen en haut verëffentlecht huet, datt Frankräich e méi wichtege Portefeuille proposéiert krut fir hire Kandidat z'änneren. Hien schreift: «*A few days ago, in the very final stretch of negotiations on the composition of the future College, you asked France to withdraw my name - for personal reasons that in no instance you have discussed directly with me - and offered, as a political trade-off, an allegedly more influential portfolio for France in the future College.*»
Lëtzebuerg huet de Christophe Hansen als Kandidat fir Kommissär nominéiert, dëst no engem Gespréich tëscht dem Premier an der Madamm von der Leyen. Dëst huet ënnert anerem zu der Drohung vun den europäesche Sozialiste gefouert, d'Kommissioun duerchfalen ze loossen, sollt den Nicolas Schmit, hiren europäesche Spëtzekandidat an aktuelle Kommissär fir Lëtzebuerg, kee Rôle an der nächster Kommissioun kréien.
Och POLITICO schreift: «*Breton accused von der Leyen of offering France a more influential portfolio if Macron switched candidates,* ***a tactic she has reportedly tried with smaller EU member countries***»

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Krut d'Regierung – änlech wéi Frankräich – proposéiert de Kandidat Hansen z'ersetzen am Tausch géint ee bessere Portefeuille?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten